

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2020

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Mir ass kierzlech deen onerfreelechen Ëmstand zougedroe ginn, datt eng eeler Persoun no enger Operatioun un der Hëft keen Zëmmer an engem lëtzebuergesche Reha-Zenter zougewise konnt kréie mat der Begrënnung, si géife keng eeler Leit (d.h. Persounen iwwert 65 Joer) unhuelen.

An deem Kontext géif ech dem Här Gesondheitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt et zu Lëtzebuerg bis dato schonn zu esou engem Fall, respektiv, zu änleche Fäll komm ass?
2. Wa jo, ass dat an den Ae vum Här Minister net eng intolerabel Diskriminatioun vu Persounen opgrond vun hirem Alter?
3. Wien entscheet a leschter Instanz, ob a wou eng Persoun e Rehazenter fir déi weider Behandlung zougewise kritt? Wien ass alles an dësem Entscheidungsprozess involvéiert? No wat fir enge Krittäre gëtt dat entscheet?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten